



MONIA WOLFF-HALLER
42 Joer

Mäin Numm ass Wolff-Haller Monia, 42 Joer al, bestueten Mamm vun 2 Kanner an wunnen an der 4. Generatioun zu Réiser. Vun Beruff sinn ech Infirmière, zur Zäit awer fräi-gestallten Deleguée permanent fir den LCGB an den Hospices Civils de la Ville de Luxembourg. Doniewent sinn ech nach

Assesseur salarial um Tribunal de Travail an um Conseil Supérieur de la Sécurité Sociale. Sait 2 Joer sinn ech Member an der Sozialkommissioun vun der Gemeng Réiser, well mir, och duerch mäin berufflecht Engagement, vill un sozialer Gerechtegkeet an um Fridden läit. Enner Anerem duerch mäin Beruff, läit et mir um Häerz, mech staark fir Senior'en an der Gemeng ze maachen an dofir ze suergen, dass Si hiren Alldag interessant an einfach an eiser Gemeng liewen an erliewen kennen.



SERGE BERTRAND
48 Joer

Mäin Numm ass Serge Bertrand, 48 Joer Member an der Ëmweltkommissioun an aktiven Musikant.

Ech sinn a Stack Réiserbänner, bestuet an Papp vun 2 erwuessenen Kanner

Bedéngt duerch mäin Beruff als Verantwortlechen um Recycling-Center vun der Stad Lëtzebuerg leit mir eng nohaltig Offallpolitik um Häerzen.

Dofir misst nach vill méi Sensibiliséierung gemaach ginn fir manner Offall ze produzéieren.



MAURO SEABRA
36 Joer

Je m'appelle Mauro Seabra, 36 ans et je suis médecin-dentiste.

J'habite depuis 2015 avec mon épouse et nos 2 enfants à Kockelscheuer. Je suis actuellement secrétaire de la commission de l'égalité des chances, membre de la commission de la circulation et mem-

bre du comité Implantorail Club Luxembourg.

D'origine portugaise, mes parents ont dû immigrer au Luxembourg en quête d'une meilleure qualité de vie. Issu d'une famille d'ouvriers, j'ai dû travailler dur pour réussir. C'est pourquoi je tiens particulièrement à l'éducation et à l'intégration, car je sais à quel point cela peut faire la différence.

En tant que membre du CSV, je partage les valeurs de liberté, de respect de l'être humain, de défense des droits de l'homme et d'aide aux plus démunis.



TIAGO FELIX FERNANDES
35 Joer

Ech sinn den Tiago Felix Fernandes, 35 Joer al, sinn Assistenzdokter an der Dermatologie a Member vun der Finanzkommissioun. D'Gemeng Réiser ass mäin Doheem zënter ech 4 Joer al sinn an ech gesinn

mech net ausserhalb vun dëser wonnerbarer Uertschaft wunnen. Och wa mir immense vill Erausforderunge virun eis hunn fir eis Liewensqualitéit an eiser Gemeng z'erhalen an ze verbessern, sinn ech zouversichtlech an der Zesummenaarbecht an d'Wichtigkeit no bei eisen Matbierger ze sinn, well jiddereeng vital Plaz an der Zukunft vun eiser Gemeng huet. Mir hunn Wäerter déi eis ënnerscheeden an et ass eng vu menge Prioritéite fir se z'erhalen.



OP DE PUNKT.

Mee 2023

LÉIW AWUNNERINNEN VUN DER RÉISER GEMENG

An dësem „Op de Punkt“ stellen sech eis Kandidaten vun der CSV Réiserbann fir Gemengewalen den 11. Juni fir. Mir sinn frou dat mir eng Lëscht opstelle konnten, mat engagéierten 5 Fraen an 8 Männer vun allem Alter, deenen Wuel vun eiser Gemeng an hiren Awunner um Häerz léit.



ERNY STRECKER
62 Joer

VERSION FRANÇAISE
DEUTSCHE FASSUNG
ENGLISH VERSION
EM PORTUGUÊS



Ech sinn den Erny Strecker, 62 Joer al, bestuet a Papp vun engem Meedchen. Ech wunnen vun klengem un am Réiserbann a sinn 2011 mat der CSV fir 1 mat an Walen gaangen, wou ech 2015 als 3 Gewielten an den Gemeng-ergerot noogeréckelt sinn. 2021 hunn ech d'Charge vum Schaffen an der Gemeng Réiser vu menger Virgängerin dem Marianne Pesch-Dondelinger iwwerholl a këmmere mech ëm de Verkéier an d'Mobilitéit, d'Bildung an d'Erzéiung, d'Ëmwelt an Drëtt Welt, d'Landschaft a Bësch, d'Energie, de Klimaschutz a fairen Handel, d'Informatioun, d'Integratioun an d'effentlech Gesondheet.



**MIREILLE
FRIEDRICH-KLINSKI**
51 Joer

Mäin Numm ass Mireille Friedrich-Klinski, ech hunn 51 Joer, bestuet, Mamm vun 2 erwuessene Kanner an ech wunnen zu Réiser. Ech sinn säit 2021 Member vum Gemengrot, Presidentin vun der Ëmweltkommissioun an Member vun der Chancëg-

läichheetskommisioun. De Réiserbann war nach ëmmer mäin Doheem, an ech sinn zu Bierchem opgewuess. Vu dass ech mat engem Bauer bestuet sinn, ass meng Léift zum Réiserbann, senge Wissen an senger Natur just nach méi grouss ginn. De Schutz vun eiser Ëmwelt, Klimaschutz an Nohaltegkeet, sinn Saachen déi mer um Häerz leien. Dofir och mäin Engagement an der Gemegepolitik, fir am Dialog mat allen Acteuren op deem Gebitt, eise Réiserbann als dat z'erhalen wat mer gären hunn. Eng Platz wou een gären schafft an leeft.



CORINNE DEMUTH
42 Joer

Ech sinn d' Corinne Demuth, schaffen als Hiewan am CHEM an betrieien Familljen doheem. Zu Béiweng opgewuess, wunne ech elo mat mengem Mann an eisen zwee Kanner zu Réiser. Ech engagéiere mech gär fir meng Matmënschen,

dëst als First responder bei de Pompjeen Réiserbann, am CA vum Office social, an der Sozialkommissioun, sou wei als Elterevertrieeder an an der Elterevereenegung als Sekretärin.

Als berufstäteg Mamm weess ech wéi wichteg gutt a flexibel Betreuungsstrukturen sinn. Ech well mech asetzen, dass des Strukturen och an Zukunft den Bedürfnisser vun den Elteren a Kanner gerecht ginn. CSV mécht net nëmmen Politik fir eng bestëmmte Grupp vun Leit, mee hellt als sozial Vollekspartei den Besoin vun all de Bierger an Betruecht.



WAYNE STOFFEL
40 Joer

Mäin Numm ass Wayne Stoffel, ech sinn 40 Joer al an sinn e Stack Réiserbänner. Ech sinn gepacst an Papp vun engem 9-järegen an engem 12-järegen Bouf an sinn Fonctionnaire Kommunal am Autobusbetrieb vun der Gemeng Lëtzebuerg, wou ech aktuell de Posten vum Chefkontroller hunn. Als Gemengerots-

member sinn ech an de Gemengesyndikater STEP an SYCOSAL. Ausserdeem sinn ech Gemegevertrieeder an der Colonie de Vacances, sinn an der Bautekommisioun an Präsident vun der Verkéierskommissioun. Well Thema Verkéier mech an menger aldeeglecher Aarbecht begleet, läit dëst Thema mir natierlech immens um Häerz. Et ass unzestriewen dass mir fir d'Wuelbefannen vun eisen Awunner efforts'en maa-chen, wat d'Verkéiserssituation ubelaangt. Natierlech dierf hei d'mobilité douce net an de Schiet gestallt gin, sou soll e stännegen Ausbau vun Vëlosweeër eng besser Ubannung tëscht den Dierfer an zu den Nopeschgemengen als Resultat hunn.



ALAIN FISCH
42 Joer

Ech sinn den Alain, 42 Joer an Papp vun engem 5 jähregen Meedchen. Als Stack Réiserbänner ass et fir mech eng Eier fir mat an d'Walen ze goen. Zesumme mat deenen

aneren Kandidaten well ech versichen d'Gemeng no fir zebréngen. Am besonnenen interesséieren ech mech fir eng lieweg Gemeng, mat vill Verains- an Kulturliewen. Duerch d'Verschwannen vun Banken, Post an aneren klengeren Geschäfte, gëtt et fir d'Awunner ëmmer méi schwierig hiren Alldag ze meeschteren, dofir ass d'Ënnerstëtzung vun lokalen Betriber wichteg. A menger Fräizäit sinn ech gären mam Hond an der Famill op eisen erhaltenswäerten Trëppel- an Vëlosweeër ënnerwee.



NATHALIE DE LA HOZ
43 Joer

Mäin Numm ass Nathalie de la Hoz, 43 Joer vu Réiser, bestuet, hunn e Meedchen vun 10 Joer an sinn e groussen Déierefrënd. Ech ginn an des Walen mat, well ech vun Klengem un mat eiser Gemeng

verbonden sinn. Ech war als Kand oft bei mengen Grousselteren zu Peppeng an sinn an den 90er Joren mat mengen Elteren op Krautem wunnen komm. Als Mamm ass et mir wichteg sech fir eis Kanner anzesetzen an dofir sinn ech bei den Elterevertrieeder, an der Schoukkommisioun an Presidentin vun der Elterevereenegung. Well ech Zesummeliwien an eiser Gemeng wichteg fannen, sinn ech Sekretärin an der Sport- an Kulturkommissioun, Member am Comité vum Tennis Club Réiserbann an och Member an der Bautekommisioun.



**KHARDIATOU
KUHN-KANE**
50 Joer

Je m'appelle Khardiatou Kuhn-Kane j'ai 50 ans, mariée avec 2 enfants, j'habite à Crauthem depuis 2015.

Je me présente comme candidate pour offrir mes

expériences culturelles, urbanistes et sociales à mes co-citoyens. Ayant vécu et travaillé dans plusieurs grandes villes comme Londres, Paris et Zurich, j'étais exposée à des idées nouvelles et intéressantes. Le fait de parler 6 langues différentes, m'avait permis de franchir des barrières culturelles. Dans ce sens la commune de Roeser a besoin de se poser la question comment unifier tous ces citoyens avec leurs nationalités et cultures différentes en gardant l'originalité luxembourgeoise.



LUC LOES
39 Joer

Mäin Numm ass Luc Loes, ech sin 39 Joer al an wunnen säit menger Gebuert zu Crauthem. Ech sin gepacst an Papp vun engem 4-järegen Bouf an sin Employé d'État bei der Post. Ech sin Member an der Ëmweltkommissioun

an gewerkschaftech Aktiv an der AATTP. Als engagéierten Veräinsmënsch an Vizepresident vum Veräin "The Open End's asbl" leie mir besonneg d'Interessen vun eiser Jugend an vun eise Lokalveräiner um Häerz. Dowéinst setzen ech mech an, dass bestoend Infrastrukturen wéi z.B. d'Jugendhaus weiderhin ënnerstëtzt gin. Ech striewen och un, dass nach méi op d'Wënsch an d'Fuerderungen vun eise Veräiner agaange gëtt an déi jonk, déi sech ausseruerdentlech um Veräinsliwien bedeelegen müssen dëst och unerkannt kréien.



KIM LOPES-MENDES
23 Joer

Mäin Numm ass Kim Lopes-Mendes an ech hunn 23 Joer.

Als jéngsten Kandidat vun der CSV Réiserbann, Member vun der Jugendkommissioun an als Student leit mir d'Wuel vun den jonken Leit uewen. An der haiteger Zäit vun Klimawandel, Besoins un bezuelbarem Wunnraum an Energiekris kuckt besonnenesch d'Jugendskeptesch an Zukunft. Mir müssen si méi mat abannen bei Entscheedungen déi si betreffen.